

Gemengerot Esch

Rapport analytique N° 10 / 2012



Livestream @ESCH

Ab dem 14. Dezember 2012 werden die Versammlungen des Escher „Conseil Communal“ mittels Live-Stream auf www.esch.lu veröffentlicht.



- Liveübertragung der Gemeinderatssitzungen
- Archiv mit den Aufzeichnungen der Sitzungen in voller Länge
- Intelligente Suchfunktionen im Archiv

Conseillers présents:


M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Conseillers absents:

M. Henri Hinterscheid

Ordre du jour

	Page
Réunion à huis clos	
1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision	
2. Enseignement / SIPO: demande d'un sursis scolaire pour un enfant manifestant un retard important dans tous les domaines de développement; décision	
Réunion publique	
3. Information au public des décisions de personnel	4
4. Correspondance	4
5. Enseignement: Organisation scolaire définitive; décision	4
6. Conservation de musique: Organisation scolaire définitive pour l'année 2012-2013; décision	6
7. PAP „Op der Goar“ (Auberge de la Jeunesse); décision	9
8. Convention de préfinancement avec la société SUDCAL SA concernant le raccordement du réseau de chauffage urbain du quartier Nonnewisen à la centrale Twinerg; décision	12
9. Convention de coopération en vue de la création d'un contrat de rivière du bassin supérieur de l'Alzette: désignation d'un représentant pour le comité de pilotage et de 2 membres pour le comité technique; décision	12
10. Convention relative aux aides à la construction d'ensembles; décision	12
11. Modification budgétaire; décision	12
12. Fixation du taux d'impôt foncier pour l'exercice 2013; décision	13
13. Questions de personnel; décision	13
14. Transactions immobilières; décision	16
15. Legs en faveur de l'église St Joseph; avis	16
16. Relevés et rôles; décision	16
17. Service des sports: titres de recette; décision	16
18. Subsides extraordinaires; décision	17
19. Office social: nomination d'un nouveau membre pour le conseil d'administration; décision	17
20. Commissions consultatives; changements; décision	17
21. Règlement de police relatif au match de football «US Esch - F91 Dudelange»; décision	17
22. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision	18
Résumé en français	18



**Sëtzung vum Escher Gemengerot
Freideg, de 16. November 2012**

3. Information au public des décisions de personnel

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Moien allegueren. Wéi dat bei eis üblech ass informéiere mer d'Press am Laf vun déser Sëtzung iwwert déi Décisiounen déi mer am Huis clos geholl hu wat d'Personalfroen ubelaangt.“

A) Démission.

Démission honorable à accorder, sur sa demande et avec effet au 1er juillet 2013, à Monsieur Claude Millang, premier commis technique principal au département des travaux municipaux, service de la circulation.

Le titre honorifique de sa fonction lui est à conférer.

B) Résiliation d'un contrat de travail.

Résiliation d'un commun accord d'un contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée entre l'administration communale et une éducatrice renseignée ci-après. Il s'agit en l'occurrence d'une éducatrice affectée auprès de l'enseignement fondamental, éducation précoce, qui a été engagée à durée indéterminée par la Ville avant l'entrée en vigueur de la loi du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental. Il s'agit en l'occurrence de Madame Léa Schütz, L'effet de la résiliation du contrat de travail afférent est fixé au 1^{er} novembre 2012.

C) Promotion.

Carrière du rédacteur

Promotion avec effet au 1^{er} décembre 2012 de Madame Alexandra Matgen, affectée au département des travaux municipaux, service budget, aux fonctions d'inspecteur (grade 11).

D) Question de personnel (agent à engager sous le régime de l'employé communal).

Engagement d'un/une employé(e) communal(e) appartenant à la carrière D dont l'affectation aura lieu au service «Développement économique, relations internationales et tourisme». Le nouveau titulaire sera chargé des relations internationales de la Ville.

Nouveau titulaire: Madame Andreja WIRTZ

4. Correspondance

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Mir kéinten dann direkt iwwergoen zum Punkt 4, Korrespondenz, wou mer keen extra Dokument haut am Dossier hunn.“

5. Enseignement: Organisation scolaire définitive; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „A géingen dann direkt weiderfuere mam Punkt 5, Enseignement. Dat ass déi definitiv Schoulorganisatioun wou d'Wuert selbstverständlech un den zoustännege Ressortschäffen, den Här Tonnar geet, deen eis och e puer wichteg Zousazinformatione gëtt. An direkt duerno fuere mer da weider mam Conservatoire de musique, wou och déi definitiv Schoulorganisatioun votéiert gëtt, esou dass déi zwee nächst Punkten an de Gräpp si vun eisem Schoulgeschäffen, dem Här Tonnar.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Jo, Merci. Dir wësst, dass mer e puer mol déi Schoulorganisatioun stëmmen. Dës Kéier ass dann déi definitiv Schoulorganisatioun um Programm. Do sinn e puer Informatioune ze ginn. Éischtens, dass mer 28 nei Brevetéierter kritt hunn dëst Joer. Dat ass eng grouss Zuel. A mer si ganz frou, dass esou vill interesséiert ware fir op Esch ze kommen. Wat mech perséinlech nach méi erfreet, dat ass, dass mer eng ganz Partie vun deene Jonken hunn déi e 5. Schouljoer geholl hunn, respektiv e 6. Schouljoer, wat ganz flott ass. Dat si Leit déi beweisen, dass se ganz motiviéiert sinn a vill Engagement hunn. Dat ass an Ärem décken Dossier. Ech erklären dat duerfir e bëssen, dass Dir lech besser erëmfannt. Dat ass déi éischt Léscht wou Dir do liest „personnel breveté“, dat sinn déi 28 Nei déi mer dëst Joer kritt hunn.

Dann hu mer d'Chargés de cours. Dat si meeschtent Nimm déi Dir kennt. Dat sinn der déi mer schonn hei zu Esch haten, déi all Joer awer nees nei genannt ginn an déi mir dann affektéieren op déi verschidde Plazen. Dat sinn der 92. Déi Léscht fannt Dir dann och an deenen éischtens dräi Säite vun deem décken Dokument an déi mussen och gestëmmt ginn. Dat ass déi Léscht déi ugeet bei Anilo Stéphanie an déi ophält bei Zimmer Fabienne. Dat sinn déi 92 Chargéen déi mer wéi gesot, grësstendeels schonn haten déi Joere virdrun.

Da kénnt den Travail organique u sech. Dat ass mam Règlement interne vun eiser Gemeng. Ech hunn lech d'Règlement interne dobäi geluecht. Et ass èmmer interessant dat mol ze gesinn a wou dann och notamment d'Schoulhorairen dra sti wou Dir fannt, d'Adresse vun all eisen Entitéiten. Wou Dir fannt wie President vun deenen Entitéiten ass a wou Dir dann och gesitt, dass ee mat 4 Joer muss an de Cycle 1 goen. Mir hu jo elo grad am Huis clos e Fall gehat wou Eltere gefrot hu fir

eng spezifesch Ursach e Kand méi spéit goen ze loessen, mä et ass esou, dass d'Gesetz an eise Règlement interne virgesäßt, dass ee mat 4 Joer an de Cycle 1 an d'Schoul affektéiert ass. No dem Règlement interne, wat relativ komplett ass, fannt Dir dann déi ganz Entitéite mat allen Enseignanten. Dat ass am Fong da wou mer un de Scolaria u sech kommen. All Enseignant, a wéi eng Klass en affektéiert ass, sief et Brevetéierter, sief et e Chargé vun dem Cycle 1-0 un, also vum Précoce u bis de Cycle 4-2 mat allen Affektatiounen a wou se sinn a wéi enger Entitéit se sinn, a wéi eng Klass se hunn.

Da fannt Dir d'Secteure wéi déi opgedeelt si mat alle Stroossem, wou mer d'Stroossem an déi verschidden Entitéiten affektéiert hunn. Mer hunn dat och dobäi geluecht, dass een do ka kucke wéi eng Stroossem zu wéi enger Entitéit gehéieren.

Da komme mer bei d'Annexen. D'Annexen, dat ass notamment de Schwammsport, d'Schwammcoursen. An dann hu mer eist Vakanzenhome vun Ënsber wou mer ganz frou sinn, dass dat no enger Zäit wou Renovatio unsaarbechte gemaach gi sinn, dass dat erëm op ass. Et sinn och vill Klassen déi dovunner profitéiert hunn. Mer maachen awer nach èmmer Reklamm well et ass e Site dee mer mengen ech ni méi ze kafe kréichen, wann dat nach eng Kéier sech géif esou stellen. A mer si ganz frou a stolz, dass mer zu Ënsber dat Vakanzenhaus hunn a mer hunn och eng Equipe déi dat gutt leet a mer kënnen némme Reklamm maachen, dass esou vill wéi méiglech Klassen a Kanner dovunner profitéieren an dann op Ënsber eng Woch verbréngé wou se léieren a wou se och d'Natur kenne léieren, de Stauséi an all Aktivitéiten déi do ugebueden ginn.

Da kénnt d'Annexe C, dat ass wahrscheinlech mat dat Interessantst. Do gesitt Dir all Klassen déi mer an deene verschidden Entitéiten hunn an op der drëtter Säit fannt Dir dann déi Donnéeën déi am Fong am interessantste sinn. Dat heescht d'Zuele vun de Kanner wéi et war de 17. September wéi d'Schoul ugaangen ass. Mer hunn 3.215 Kanner an all Cycle vum Précoce bis an d'6. Schouljoer. Déi sinn dann all opgedeelt, awer den Total gëtt déi Zuel vun 3.215. Dat sinn der eng ganz Partie wann Dir bedenk fir déi ènnerdaach ze bréngen. De Rescht fannt Dir wéi se ebe verdeelt sinn. Dir fannt awer och den Ènnerscheid wéi et dat Joer virdru war an Dir gesitt, dass déi Zuel permanent am Klammen ass, an dass dat eis och dozou bréngt, ech kommen herno dozou, dass eis éischt

Prioritéit, dem Schäfferot seng éischt Prioritéit ass, fir ze kucke wéi mer an Zukunft déi Kanner können énnerdaach bréngen an énner anstännege Konditiounen énnerdaach kënne kréien. Mä do hutt Dir op jidde Fall vun all Klass a vun all Joer déi Zuelen an dat gëtt dann déi Zuel vun 3.215. Déi aner Zuel déi interessant ass, dass mer 181 Klassen hu wou déi Kanner verdeelt sinn. Dobäi sinn dann 204 Intervenanten an Dir hutt dann dorënner d'Differenz par rapport zum leschte Joer. An dat gëtt eng Moyenne, wann Dir all déi Kanner duerch déi Intervenanten deelt, kommtt Dir op eng Moyenne vu 15,7 Kand pro Intervenant, wat net héich ass a wat am Fong ganz favorabel fir eis Schoul an awer haapt-sächlech fir d'Kanner soll sinn.

Da kënnnt de richtege Scolaria. Dat ass eppes ganz Indigestes. Ech wäert elo net laang drop agoen. Dat ass wat all Enseignant eragëtt, mat den Déchargeen, mat den Zuele vu Klassen, vu Kanner, mat de Leçonen déi hien huet, mat der Zuel vun den Intervenanten. Wann Dir do eng Fro hutt, versichen ech se ze beäntwerten oder ech gi se virun u menge Hëlfel. Ech profitéieren hei nach eng Kéier deenen déi dat organiséieren, dat heesch der Schoulkommissioun, dem Büro vun der Schoulkommissioun e ganz, ganz grouss Merci ze soen. Dat hei ass eng kolossal Aarbecht déi ugefaange gëtt wann dat eent Joer riwwer ass an da gëtt de 15. September déi nei Schoulorganisatioun ugefaangen a mer sinn op jidde Fall, ech als Ressortschäffen, an ech mengen ech kann am Numm vum ganze Schäfferot dat soen, ganz frou a ganz stolz wéi dat klappt a wéi dee Schoulufank reibungslos verleeft. Wann ee bedenk déi 3.215 Kanner mussen énnerbruecht ginn, an dat ass net einfach an dat klappt u sech ganz gutt.

Da sinn awer och nach 2 interessant Säiten um Enn. Ech mengen, dat ass e puer mol scho gefrot ginn, duerfir hunn ech lech dat dobäi geluecht. Dat eent ass d'Composition du corps enseignant. Do hu mer dann nach eng Kéier déi 226 Brevetéiert. Déi 28 nei Brevetéiert. Mir hunn nach 5 Enseignanten déi détachéiert sinn. Mir hu 87 Chargés de cours. Mir hunn nach 4 Fonctionnaires communaux, 20 Educateuren, 20 Reliounsenseignanten an dat gëtt dann en Total fir ganz Esch vun 362 Persounen déi fir eis Escher Schoulkanner schaffen an do sinn.

Och eng interessant Zuel, de Verglach Relioun a Morale laïque. De Moment ass et nach méi wéi 2/3 déi an d'Relioun ginn. 1.684 Kanner ginn an d'Relioun a 510 Kanner ginn an d'Morale laïque. Dat ass wann een et graff gesäit, méi wéi 2/3

fir d'Relioun a manner wéi 1/3 fir d'Morale laïque.

Dann eppes ganz Interessantes, dat sinn d'Resultater vum leschte Joer, wat nom 6. Schouljoer geschitt ass. An do gesitt Dir, wann Dir de Secondaire an de Secondaire technique beieneen huelt, dass just 50% an ee vun de Lycéeën oder Lycées techniques kommen. An dass 48% dat net färdeg bréngen an an den Adapt oder an de Modulaire kommen. An Dir gesitt och do eng Opdeelung vun de verschidde Entitéiten. Mir hu keng Resultater vun den Nonnewisen, well mer nach kee 6. Schouljoer d'lescht Joer an den Nonnewisen haten. Dat bréngt mech dann zu e puer Observatiounen an de Schäfferot verfollegt zwee Ziler. Dat eent ass weider d'Lutte géint den Echec scolaire. Ech menge mir kënnen dat net eleng maachen. Mir hunn op där enger Säit ganz engagéiert – ech hunn et scho gesot an ech soen et net oft genuch – engagéiert Personal, mä mir wëssen awer och, dass d'Distraktioun émmer méi grouss gëtt. A mer wëssen émmer, dass d'Schoul och doheem eng manner grouss Roll spillt a mir kënnen net als eng Gemeng eleng dogéint ukämpfen. Ech mengen, mir hunn en Direkter vun engem Lycée dee kann eis wahrscheinlech confirméieren, ech hunn nach d'lescht mat engem Proff geschwat, dass d'Kanner net méi wësse wat en Diktat ass wa se op 7e kommen. An dat fannen ech ganz schlëmm, mä do këinne mir awer och näischt dogéint änneren. Dat ass eng Politique générale wou ech mech net dozou motivéiert fille Positioun ze huelen. Ech wëll dat awer soen, dass do fundamental Froe sinn an opkommen, an dass een net némme ka soen, et ass un der Gemeng elo do der-géint ze kämpfen. Mir maachen dat mat alle Moyenen. Ech denken zum Beispill un d'Appuien déi mer ginn. Ech denken un d'Eltereschoul déi mer hunn, déi émmer méi besicht gëtt. Ech denken un déi véiert Assistante sociale déi mer ausgeschriwwen hunn a wou mer hei à l'unanimité gestëmmt hunn, dass mer eng véiert Assistante bräichten. Ech denken un eis Maisons Relais déi den Elteren et erlaabt, dass hir Kanner no der Schoul e flotten Énnerdaach hu well se net doheem kënnne sinn. Mä all dat wéi gesot, geet net duer a mir wäerten eis weider op eiser Gemengeméiglechkeetsbasis asetzen, fir dass déi Resultater solle besser ginn, a fir dass d'Kanner déi bescht Méiglechkeete kréien op de Wee fir an hir Zukunft a fir hiert zukünftegt Liewen. Eist zweet Zil, dat ass natierlech d'Renovatioun an d'Amelioratioun vun den Infrastrukturen. Ech mengen dat gëtt eis oft virgeworf. Dir maacht net hei, Dir

maacht net do, do hunn ech e puer Remarquen ze soen. Et ass natierlech méi einfach an engem Duerf wou ee Gebai ass fir dat astand ze setzen a fir dat astand ze halen an da steet ee gutt do an dann huet een dat. Hei hu mer mat all eisen Entitéiten, ech hunn d'Gebaier elo net gezielt, mä déi si séier gezielt, dat ass eng kolossal Zuel. Ech wëll awer och drun erénnneren, dat ass bal eng Selbstverständlichkeit, viru 6 Joer hu mer e Gebai opgemaach wat Ganzdagsschoul heescht. Dat ass am Fong nach net laang. Mer haten elo fir d'éischt wou e 6. Schouljoer do erauskomm ass. Dat si 6 Joer wou mer eng ganz nei Schoul opgemaach hunn. Et ass ee Joer hir, dass mer eng ganz nei Schoul opgemaach hunn an den Nonnewisen. Dat ass och nach net laang hir. Mir sinn am zweete Joer an dat ass scho bal eng Selbstverständlichkeit, dass dat esou ass.

Eis Projete sinn awer net domatter stoe bliwwen. Wann Dir laanscht d'Spidol gitt, gesitt Dir dass d'Dellhéich Schoul an den Aarbechten ass. Do kënnnt e ganz neien Daach. Et kënnnt eng ganz nei Fassad. D'Aarbechten an der Brill Schoul gi ganz normal virun. Mer hoffe spéitstens fir 2014, dass do déi zweet Phas ofgeschloss ass an dass mer do kënnen opmaachen. Mer hunn e Projet mat där Schoul rue de Macon. Do ass e Container drop dee ganz al ass a wou mer e Projet hunn deen ze ersetzen. Mer hu mat den Enseignante geschwat aus der rue de l'Eglise wou mir och wëssen, dass et néideg ass, dass do eppes geschitt. Mer sinn do op enger ganz Partie Spueren en Concertatioun, ech wëll dorop insistéieren, en Concertatioun mat der Entité Grand-rue, mam Président de l'école, mam Här Bintner an och mat den Enseignante vun där ganzer Entitéit. An et ass e Groupe de travail deen eis an den nächsten 2, spéitstens 3 Wochen all seng Projete wäert énnerbreeeden a wou de Schäfferot da seng Responsabilitéit hëlt a wou ganz séier Déci-siounen geholl ginn. An Dir wäert vlächt schonn an der Budgetspresentatioun vun der Madame Buergermeeschter oder spéitstens am Januar an enger Seance dorriwwer gewuer ginn.

Dat sinn déi Informationen an och déi Weeér déi ech lech wollt ginn. Ech mengen, et ass eng ganz komplizéiert Tâche. Mer wëssen dat allegueren. Ech fannen et ass och keng Tâche wou eng enorm Polemik soll sinn, well mer hunn, mengen ech, allen 19 hei deeselwechte But, dass et den Escher Kanner, eise Kanner, eisen Escher Kanner soll esou gutt wéi méiglech goen, an dass se esou gutt wéi méiglech sollen am Liewe reus-séieren. An dorriwwer kann een diskus-

téieren, mä ech mengen et ass net fir eng Polemik doraus ze maachen. Dat bréngt op jidde Fall näischt no vir, awer mer sinn op fir all Suggestiounen. Ech schwätzen awer elo net wéi de Staatsminister deen d'Vollek oprifft Suggestiounen ze bréngen. Hei ass fir lech allen 18 mat eis hei ze héllefe virun ze kommen."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Merci, Här Tonnar. Den Här Baum war elo déi éischt Wuertmeldung déi ech gesinn hat an duerno d'Madame Hildgen wann ech gelift. Här Baum.“

Marc Baum (DÉI LÉNK): „Madame Buergermeeschter, Här Tonnar, ech géif mat Äre Schlussausférungen ufänken. Dir hutt Recht allen 19 wéi mer hei sétzen, hu mer eppes gemeinsam nämlech datt mer wëllen, datt et den Escher Kanner gutt geet an datt se reüsséieren. An een Element dovunner, ob et hinne gutt geet an ob se reüsséieren, ass d'Schoulorganisatioun. Ech mengen dee Constat kënne mer deelen. De Wee dohinner, an dat wat d'Schoulorganisatioun awer ausseet, dorriwver si mer, mengen ech, eis net méi eens. Well mer mengen, datt esou wéi dat do organiséiert ass, et net déi beschtméiglech Aart a Weis ass, wéi et den Escher Kanner gutt ka goen a wéi se kënne reüsséieren.

3 Elementer. Éischtens, Dir hutt zu Recht gesot, dass 28 nei brevetéiert Enseignant-en agestallt gi sinn. Et bleift awer esou, datt nach émmer 24 Klassen hei zu Esch kee brevetéierten Titulaire hunn, mä datt et Chargés de cours sinn déi responsabel si fir déi Klassen. An dat ass ganz vill, 24 Klassen. Ech mengen, datt een d'Efforte muss konsequent weider bedreiwe fir ze kucken, datt all Klass hei zu Esch misst e brevetéierten, ausgebilten Titulaire hunn. Zweetens, op der allerleschter Sait vun deem Dokument, ginn et d'"Résultats tests standardisés", an déi schwätzen eng ganz kloer Sprooch. Nämlech wat zu Esch mat de Kanner geschitt nom 6. Schouljoer a wouhinner se orientéiert ginn. A wann ee sech dat ukuckt, da muss een awer soen, mä dann ass d'Situatioun hei zu Esch dramatesch. Wéi ass et méiglech, datt op engem Territoire wou Schoulen Distanze vu maximal 5 km hunn, also eng relativ kleng Distanz hunn, datt mer Ênnerscheeder hunn, datt an där enger Schoul 6,5 % vun de Kanner an de Secondeaire ginn an op där anerer Sait hu mer Schoule wou der 40% an de Secondeaire ginn. Dat ass eng dramatesch Situatioun wougeint ee misst virgoen. Well d'Logik vum Schoulgesetz vun 1912, wat elo 100 Joer al ginn ass, ass jo datt d'Ecole publique dofir responsabel ass fir

déi sozial Ênnerscheeder auszegläichen déi et ginn, a se ass do fir alle Kanner, onofhängeg vun hirer sozialer Hierkunft, déi beschtméiglech Ausbildung ze ginn. A wann een awer gesäit, datt et schonn eng Form vu Stigmatiséierung gëtt, op Grond vun deenen Zuelen déi mir hei elo virleien hunn, a wéi eng Schoul ee geet, dann ass dat eng dramatesch Situatioun a mengen Ae géint déi ee misst virgoen. A wougeint et Méttele gi virzegoen. Duerfir, et ass keng Polemik ze soen, dat ass net gutt esou wéi et ass, mä et gi ganz konkret Méttel. Zum Beispill dat wat mer déi lescht 4 Joer andauernd gesot hunn, Esch huet iwwert de Kontingençt, en Indice sociale, e Facteur socio-économique no deem mer méi Léierpersonal ze gutt hätten op Grond vun enger global gesinn, net esou gudden sozio-ekonomescher Situatioun hei zu Esch. Wa mir déi awer elo op all Quartier gläch-méisséeg opdeelen, an net cibléiert an déi Schoule wou mer gesinn no deene Resultater hei, datt mer do Problemer hunn, da mengen ech, da maache mer eis Aarbecht, respektiv da macht Dir als Schäfferot dës Aarbecht net gutt. Well genau dat do misst geschéien. Do wou et Problemer ginn, do wou mer gesi wou den Echec scolaire am héchsten ass, do musse mer déi gréissten Efforte maachen. Duerfir, dat wat ech och déi lescht 4 Joer émmer gesot hu wann et ém d'Schoulorganisatioun gaangen ass, esou laang dee Kontingençt net anescht opgedeelt gëtt an dat zousätzlech Personal net cibléiert do agesat gëtt wou et am néidegst ass, wäerte mir dës Schoulorganisatioun net mat votéieren.

Dir hutt gesot, d'Lutte géint den Echec scolaire wier eng Prioritéit vum Schäfferot an Dir hutt gesot, datt de Schäfferot net fir alles responsabel ass op der Welt, wat allgemeng d'Tendenze sinn a politesch Entscheidungen. Do hutt Dir sécherlech Recht. Et geet awer net duer ze moraliséieren an ze soen, jo d'Kanner wëssen net méi doheem datt ..., mä genau dowéinst gi se an d'effentlech Schoul. Well et nieft deem Doheem, nieft dem allgemengen Trend et eppes gëtt, nämlech d'effentlech Hand déi déi Kanner soll opfänken. An ech wäert mech och net weider dozou äusseren, wéi Dir et och net gemaach hutt, mir hu mengen ech eng fundamental aner Visioun dorriwver wat dat neit Schoulgesetz wat zénter e puer Joer a Krafft ass, wat dat fir Meriten oder net Meriten huet. Dann dréttens, a fir mech och en entscheidende Punkt, de Schoulraum. Et ass och wouer, Här Tonnar, wéi Dir gesot hutt datt et an engem Duerf méi einfach ass wou et eng Schoul gëtt, fir déi Schoul

ze énnerhalen. De Problem ass awer, datt mer hei zu Esch keen Duerf sinn, mä eng Stad. A mer sinn eng Stad déi wiisst, an déi permanent wiisst, an et ass de politesche Wëllen datt se wiisst, also kommen all Joer nei Schuler op Esch, nei Kanner op Esch a mir müssen – dat ass eis Flicht wa mer wëllen deem urbanistische Wuesstem gerecht ginn – da musse mer Schoulraum schafen. An enger Situatioun déi ganz komplizéiert ass, nämlech an enger Situatioun wou et esou ass, datt hei zu Esch de Schoulraum dee besteet, an engem ganz schwieregen Zoustand ass, well an deene vergaangene Joerzéngten deelweis ze wéineg investéiert ginn ass. Dat heescht, mir hunn en Ophuelbedarf a mer musse weider investéieren an neie Schoulraum. An och do ginn et ganz kloer Zuelen a ganz kloer Previsionen déi ee maache kann. 47 nei Schuler innerhalb vun engem Joer. Dat mécht 3,5 Klassen. Dat geet aus désem Dokument ervir. Dat bedeutet a senger Konsequenz, datt mer all 4 Joer eng komplett nei Schoul bräichten. All 4 Joer. An dann hu mer just de Status Quo. Dann hu mer keng Kanner aus Containerschoule wéi se am Moment bestinn, erausgeholl. Dann hu mer just de Status Quo erhalten. Natierlech bedeutet dat enorm Investissementer vun der Gemeng, mä et ass jo och eng enorm Erausforderung vun der Stad Esch fir Universitéitsstad ze ginn a vun innerhalb kierzester Zäit vun 28.000 op 35.000 Awunner ze wuessen. An engem Kontext deen, wat d'Schoulraumpolitik ugeet, net favorabel ass.

Wann dat awer net geschitt, da geschitt dat wat mer elo gesinn. Nämlech, datt émmer méi Annexen zu Schouleentitéite gebaut ginn a Kanner a Containeren op Parkingen higesat ginn. An dat net an der Logik vu "mir plangen eppes an et ass e Provisorium, well an 3 Joer geet dat Neit op", net an der Logik vun enger Schoulraumpolitik, mä et gëtt keng Perspektiv. Et gëtt gewurschtelt, et gëtt vun engem Moment op deen anere kuerzfristeg op engem Parking, am leschte Fall Terres Rouges, wat e Gebai ass wat ech ganz éierlech onwürdeg fanne wann een deen Haff gesäßt, wat do Hals iwwer Kapp opgericht ginn ass, well den Inspekteur soot, sou et geet elo duer, mir musse Schoulraim zou maache well se net méi de Sécherheitsnormen entspriechen. Da gëtt Hals iwwer Kapp eppes opgericht wou et kee Konzept gëtt a wou et keng Perspektiv gëtt, datt mer dorausser eraus kommen.

Dëst gesot, den Inhalt vun der Orientiéierung vun der Schoulpolitik, esou wéi mer mam Personal émgiinn an esou wéi mer

et attribuéer de Schoulen, an op där anerer Säit, déi a mengen Ae katastrofal Schoulraumpolitik sinn zwee Elementer firwat mir als Lénk dat hei net wäerte mat votéieren. Merci."

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG):
„Madame Hildgen.“

Annette Hildgen (CSV): „Jo. Merci, Här Tonnar. Ech hunn am Fong geholl némmen 3 Punkten. Dat éischt ass Ënsber. Wéi mer erausfonnt hunn hei aus deem Relevé, fonctionnéiert dat ganz gutt. Et gi vill Klassen dohinner. Awer deemoools virun 2 Joer wéi virgestallt ginn ass, datt Ënsber nei géif orientéiert ginn, do hu mer gesot, mir stellen och de Veräiner vun Esch zur Verfügung oder privat Leit déi dat kenne lounen, zum Beispill, fir en Deel vun de Fraisen eranzekréien. Wier dat méiglech fir do eng Kéier eng Opstellung ze kréien, op dat iwwerhaapt bei de Leit hei zu Esch ukomm ass? Op do Veräiner sinn déi sech interesséiere fir dohinner ze goen? A wann, wéi dachs datt dat och iwwert de Weekend, et war haaptsächlich iwwert de Weekend geduecht, wéi dat do besat wier?

Dat zweet ass, et ass gesot gi 50% vun eise Primärschüler kommen an e Lycée. An do ass vum Modulaire a vum Adapt geschwat ginn, wou déi aner 50% dohinner kommen. Elo froen ech mech just, de Modulaire ass dach Lycée? Dat fällt normalerweis ènnert de Lycée. Et heesch alles Lycée. Dat heesch, et wier interessant fir ze kucke wou déi Kanner eigentlech richteg do gelant sinn. Dann ass elo grad ugeschwat ginn d'Infrastrukture vum Schoulraum. Wéi e roude Fuedem geet dat elo schonn, déi ganzen Zäit schonn, méi wéi 10 Joer hei duerch de Gemengerot, all Kéier wann d'Schoulorganisatioun virgestallt gëtt, an tatsächlich mir hu musse weider Schoulraum créerieren. Dir wésst dat och allequerten. Mir wéissen dat allegueren a mir wéissen och allegueren, datt déi Containeren déi opgericht ginn, datt dat némme kuerzfristeg eng Léisung ka sinn an eng Léisung däarf sinn. An érem eng Kéier widderhuele mir als CSV déi Fuerderung, datt mir eng zentral Schoul brauchen. Eng zentral Schoul bauen op eng Plaz déi do ass. Elo sot net, mir hu keng Plaz, well Dir hutt eng Plaz. Mir hunn eng Plaz an dat ass do wou fréier déi Gréng Schoul stoung. Do ass elo ausgeschriwwen gi fir déi ofzerappen. Do wier eng Plaz déi wier ideal an eisen Ae fir eng zentral Schoul ze bauen an ech mengen dee Moment géife mer an d'Zukunft kucken. Mir kéint do Infrastrukture bauen. Mir

kennen eng Schwämm dobäi bauen. Et ass eng flott Plaz. Et ass eng riese Plaz fir do eng zentral Schoul hinzekréien. Sot elo net, et ass ze no bei den Nonnewisen, well mir wéissen datt dat och net stëmmt. E puer Meter kennen d'Kanner och ze Fouss goen a mir géifen erém eng Kéier proposéieren, wéi all Joer, komm mir bauen eng zentral Schoul op déi Plaz an da wier vläicht an der Zukunft fir eng gewéissen Zäit déi Problematik vun dem Schoulraum geléist. Dat war alles wat mer ze soen hunn. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Merci, Madame Hildgen. Et wier dann um Här Bernard.“

Zénon Bernard (KPL): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech hunn den Ausféierunge vum zoutännege Schäffen nogelauscht. Do ass et esou, dass ee ka soen, dass deelweis ech därselwechter Meenung si wéi hien an a verschidene Froen anerer Meenung si wéi hien. Dat ass och schonn ugeklunge virdrun. An zwar wann ee feststellt, dass a gewësse Quartiere vun der Stad Esch némme 7% vun de Kanner, souguer liicht männer wéi 7% vun de Kanner an de Secondaire classique ginn, an an anere Quartieren 40 oder méi % da muss een déi richteg Fro do stellen. Da muss een d'Fro stelle vun der sozialer Hierkunft. Mir wéissen dass landespolitesch gesinn, ongefíer 6-7% Aarbechterkanner, Kanner vu klenge Leit, Immigrantekanner an de Classique ginn. An dat ass net normal. Dat ass absolut onverhältnisméisseg zum Undeel vun der Bevölkerung. Dat ass mol déi éischt Remarque déi ech wollt maachen an do gëtt et jo awer, an den Här Baum hat e puer ganz gutt Ideeën do, do gëtt et jo awer Mëttele fir dat ze ännerner. Wann een déi sozio-strukturell Zesummesetzung vun engem Quartier kennt an et kennt een och d'Qualitéiten an d'Défaute vun den Elèven, da muss een natierlech higoen an dohi steieren, an ech sinn iwwerzeegt, dat ass och gesot ginn, dass heibanne keen ass deem et net ém d'Wuel vun den Escher Kanner geet, just d'Approche ass verschidden. Ech weess och, dass budgetär Constrainten soit-disant do sinn, mä ech menge fir esou Saache muss een d'Suen investéieren. Dat ass en Investissement an d'Zukunft. Wann ech da kucken, anerersäits en Thema wat mer um Häerz läit èmmer, dat ass wann ech gesinn, dass praktesch all drëtten Enseignant net brevetéiert ass, dann ass do dat net d'Schold vun der Gemeng Esch, well ech weess et ass um, wéi ee seet um Marché net genügend qualifi-

zéiert oder brevetéiert Personal ass, dat ass d'Resultat vun enger Schoulpolitik déi restriktiv war am Investissement vun der Ausbildung vun eisen Enseignanten. Dat ass all drëtten, wann ech gutt gekuckt hunn, 87 hutt. Dir gesot vun iwwer 226, dat ass all drëtten deen u sech net brevetéiert ass. Et geet mer elo net dodrëm deene Leit hir Aarbecht ze minimiséieren. Et geet mer och net drëm ze soen, dass se hir Aarbecht schlecht maachen, mä et ass natierlech esou, dass awer e fundamentalen Ënnerscheid, besonnesch um pädagogesche Plang, besonnesch um psychologeschen Erugoen zu de Kanner, déi aner Formation natierlech erlaabt eng besser Approche pédagogique zu de Kanner ze maachen.

Also ech mengen och dat hei, wat d'Schoulgebaier ubelaangt. Effektiv erféiert et mech, wann ech héieren, dass èmmer méi Containeren, dass mer èmmer méi an d'Situatioun kommen, dass ce n'est que le provisoire qui dure. Mir kommen èmmer méi an d'Situatioun, dass dann, esoubal dann déi Containeren do sinn an d'Klassen dra sinn, dass dat och esou bleift. An ech fäerten, dass dat en Alibi ass fir net déi Fuerderung vun enger Schoul hei zu Esch, enger neier Schoul, respektiv zwou neie Schoulen, an déi Richtung ze goen. Wann ech kucken, an dat soen ech elo nach eng Kéier, wann ech kucke wéi déi sozial Approche ass zu deene gewëssene Quartieren hei an Esch, ech huelen elo de Brillquartier wou mer wéissen, dass et e problematesche schoulpolitesche Quartier ass, dat wësse mer duerch den Undeel vu villem auslännische Kanner. A wann een da weess, dass zum Beispill nach èmmer net d'Langue véhiculaire déi ass déi de Kanner am meeschten entgéint kënnnt, da muss ee sech net wonneren, dass déi an deene Fächer wou et net an hirer Mamme-sprooch geet, zumindest eng Zäit laang, Schwierigkeiten hunn a müssen hunn, déi aner Kanner natierlech dann net hunn.

Duerfir soen ech, an däi do Form wäert ech mech enthalte bei däi Ofstëmmung hei.

Gewësse Saache ginn uerdentlech gemaach. Ech sinn och der Meenung, dass eis Schoulkommissioun do eng virbildlech Aarbecht leescht, zumindest och wat d'Informatioun ubelaangt an d'Organisatioun, et ass jo och kee Mësstraue vis-à-vis vun hinnen, mä et ass ganz einfach esou, dass dat do net deenen, losse mer soen, deenen Erwaardungen entspricht déi ech mer stellen am Zesummenhang mat enger Organisation scolaire. Ech soen lech Merci.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Merci, Här Bernard. Ass nach eng Fro? Wollt nach ee schwätzen? Dann äntweren ech ganz kuerz dem Här Baum, der Madame Hildgen an dem Här Bernard.

Dem Här Baum an dem Här Bernard zesummen, ech kann Är Meenung net deelee mat därt Geschicht vun deene Chargéen. Also ech muss lech soen, do ass eng ganz Partie Chargéen déi maachen eng exzellent Aarbecht.“

Zénon Bernard (KPL): „Dorëms geet et jo net.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Ech kenne Chargéen déi 100x besser enseigniere wéi e Brevetéierten deen d'éischt Joer vun der Uni ass. Dat kann ech lech awer soen. Ech hunn d'Chance oder d'Flucht se hei ze empfänken a se ze affektéieren, souwuel déi nei Brevetéiert wéi déi nei an al Chargéen. Ech kann lech soen och, dass ech awer relativ an d'Schoulen dorëmmer ginn, an ech weess, dass do eng ganz Partie vun eise Chargéen déi mer hunn, eng ganz gutt Aarbecht maachen. Ech weess, dass Dir dat och net wollt en doute setzen, mä et bréngt awer och elo net, dass mer soe wa mer elo némme Brevetéierter hunn, da sinn all Problemer geléist. Dat sécher net.“

Dat zweet, mir hunn déi Tabell och studéiert a mir hunn och gesinn, dass 6% vun därt engen Entitéit an d'Lycée ginn a 40% vun därt aner. Do sinn awer nach Donnéeën. Do ass eng Entitéit net wäit vun hei ewech, wou och net vill méi Kanner ginn. Dat fällt engem awer och op wann een dat genee studéiert an et ass awer och esou, mir kenne jo awer elo net, wann ech lech verstinn, misst ee praktesch erém d'Secteure soen, dat gëtt et net méi. Elo setze mer mol 10 därt an de Brill a vum Brill huele mer der 10 erof. Da kréie mer aner Resultater. Dat ass net de But. Mir waren eis all eens, dass mer versichen déi Secteuren ze respektéieren, dass dat ophält. Dat war hei eng grouss Diskussioun wéi ech ugefangen hu viru Joeren, dass do riets a lénks Kanner dorëmmer gaange si wou se wollten. Dat hale mer op.

Mir hunn awer och, a mer versiche Léisungen ze fanne fir de Brill, selbst-verståndlech. Mir hate Reunioun mam Här Ney. Den Här Ney hat seng ganz Enseignante fir e ganze Projet. Do soll eng Projektsschoul kommen, d'Konvention läit fäerdeg do, déi muss nach just énnerschriwwen ginn. Mir maachen do alles, dass déi Kanner och hir Chance hunn. Ech gesinn zwar net, Här Bernard, dass mer elo an all Mammesprooch vun all Kand wat do ass op albanesch, op

jugoslawesch, op portugisesch Geographie soll, ... bon, dat kenne mer net ubidden, mä mir versichen awer, dass all Kand déi selwecht Chance huet fir ze reüsséieren. Et kann net einfach e Constat sinn, dass dat elo esou ass, an dass dat muss an nächster Zukunft esou virugoen.

Wat de Schoulraum ugeet, schwätz elo op eemol erém all Mensch vun engem Container. Ech weess net wie schonn an deene Module war, dat ass méi schéi wéi en aalt Gebai. Dat muss ech lech awer soen. Dat ass keng rieds méi wéi dat fréier war wou eng Brak, eng Késcht opgerücht ginn ass, mä wann Dir déi gesitt an ech hu mat den Enseignante geschwat, do sinn der vill déi géifen net méi wéille wiessele mat deem wat se do hunn. Ech wéll dat just soen an dat soll och net elo sinn, fir dass keng aner Schoul gebaut gëtt, mä et ass op jidde Fall eng ganz gutt Zwëscheléisung gewiescht a mer regrettéieren et op kee Fall.

Madame Hildgen, mat Ënsber maache mer lech eng Opstellung. Ech weess, dass Veräiner dohinner ginn. Ech kann lech awer elo net auswenneg soe wéivill a wéi eng, mä ech weess, dass notamment Weekender de Subqua-Club zum Beispill, mengen ech geet regelméisseg dohinner.

Bon, wat Är Remarque mat dem Lycée ugeet. Jo, et ass alles Lycée. Dat ass d'selwecht wéi dass een net méi duerchfällt, mä 3 Joer e Cycle mécht. Domatter fannen ech awer kenne mer eis net bretzen a soen, et sinn 100% am Lycée. Do musse mer awer der Réalitéit an d'Aekucken a soen, quritte dass alles an engem Gebai ass, wéll ech awer net mech blann maachen a soen, et ass all Mensch elo am Lycée. Mir hunn 100% Réussite am Lycée.“

Annette Hildgen (CSV): „Duerfir war et awer gemaach.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Jo, dat ass awer net meng Astellung dozou.“

Wat Äre Projet Gréng Schoul ugeet, hunn ech gesot, dass mer e Groupe de travail hunn an dee wäert dat och mat a seng Iwwerleeunge bruecht hunn. Et kommen eng ganz Partie Proposen, ech hunn dat scho gesot, a mir wäerten lech déi dann énnerbreeden esoubal mir och eng Déci-sioun doriwwer geholl hunn.

Dat waren déi Remarquen déi ech heizou wollt maachen. Ech menge mir kenne zum Vote kommen, Här Sekretär.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve par 14 voix oui, 2 voix non et 1 abstention l'organisation de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2012-2013 ainsi que la version définitive du travail organique des cycles 1-4 de l'année scolaire 2012/2013, y compris le règlement interne communal.

Ont voté oui Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Huss, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Bofferding, Codello, Goetz, Hansen, Hildgen, Kox, Maroldt, Weidig Wohlfarth et Zwally. Ont voté non les conseillers Baum et Johanns. Le conseiller Bernard s'est abstenu.

6. Conservation de musique: Organisation scolaire définitive pour l'année 2012-2013; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Sou, mir kéimen dann zum Conservatoire, Här Kultur- a Schoulschäffen.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Jo, Merci. Hei geet et och drëm den definitiven Travail organique ze stëmmme vum Conservatoire. Mer hate schonn dee provisoreshen. E puer Informatioune just. Dir gesitt mer hunn erém déi Zuel vun 1.000 erreacht. Mer sinn op 1.013, wann ech dat gutt am Kapp hunn. Et sinn der 7 oder 5 manner wéi dat Joer virdrun. Et waren der 1.020 an et sinn der dést Joer 1.013 déi sech ageschriwwen hunn.“

Eis Droits d'inscription hunn nach émmer net geännert. Et ass nach émmer 100 € fir ee Cours, 150 € fir zwee a méi Coursen. Déi Präisser sinn d'selwecht zénter 2003 un. Dir gesitt, mer hu keen Gender hei. Et si vill méi Meedercher déi an de Conservatoire gi wéi Jongen. Mir hu 637 Meedercher. Mir hunn 376 Jongen a wann Dir dat vergläicht mam leschte Joer, hu mer 14 Meedercher méi wéi d'lescht Joer an 21 Jonge manner. Also do ass en Trend och, dass den Énnerscheed nach méi grouss gëtt.

Aus Esch selwer komme bal 30%. Dat ass eng Augmentatioun vun 1,77%. Mir hu méi Kanner vun Esch wéi dat Joer virdrun. Mir hunn 53% vu Gemengen hei ron-

derem a wann Dir déi Lëscht kuckt, dat ass erstaunlech, do ass praktesch aus all Gemeng aus dem Land, ech hu gesinn, et ass souguer ee vun Esch/Sauer a weider aus dem Éislek déi eroftkommen a mer hu 16,8% Elèven déi aus dem Ausland kommen. Ech ginn elo net op all déi Stonnen an, wat enseignéiert gëtt. Dir hutt den Total vu 420 Stonnen, 21 Titulairesprofesseren, mir hunn den Direkter an den Adjoint. Dir hutt all Disziplinne wat mer offréieren, vu Solfège iwwer Jazz an Danz op Diktioun. An dann hutt Dir duerno, d'selwecht wéi bei der Schoul d'Nimm vun den Enseignanten an Dir hutt d'Tableau mat alle Courses déi offréiert ginn an alle Formatiounen, alle Museker an ech mengen dozou hätt ech dann alles gesot.

Ech wollt awer och do dem Direkter an der ganzer Equipe an allen Enseignanten e grousse Merci soen. Eise Conservatoire deen ass net némmen hei am Süde bekannt. Deen ass am ganze Land an deen ass iwwert d'Grenzen eraus bekannt an et ass e ganz gutt Aushängeschéld fir eis Stad Esch.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Merci, Här Tonnar. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –
Mme Taina Bofferding – M. Daniel
Codello – M. Marco Goetz – M. Mike
Hansen – Mme Annette Hildgen – M.
Jean Huss – M. Théid Johanns – M.
Martin Kox – M. Frunnes Maroldt –
Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar –
M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal accepte à l'unanimité l'organisation scolaire définitive du conservatoire de musique de l'anée scolaire 2012/2013.

7. PAP „Op der Goar“ (Auberge de Jeunesse): décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Majo, da géinge mer direkt weiderfuere mam PAP „op der Goar“, Goar, Minetter geschriwwen, an do ass näisch aneschters domatter gemengt wéi de PAP ronderem eis Jugendherberg. Mat der Idee vun enger Jugendherberg si mer scho laang amgaang. Déi eigentlech Plannung ass ugaangen 2008 mat engem Groupe de travail, deen net némmen d'Faisabilitéit gepréift huet, mä och eng Rei vu Sitë proposéiert huet a mer sinn dunn direkt als Schäfferot a Richtung vun deem Site direkt bei der Gare gaangen

an haaptsächlech basiert op gutt Argumenter vun der Accessibilitéit, vun der Disponibilitéit vum Terrain an der Plusvalue och an dësem urbane Raum. Mir krueten, an do ass et richteg lass gaangen, am Dezember 2009 den Accord de principe vum Tourismusministère an am Mäerz 2010 den Accord de principe vum Familljeministère. Déi eng fir den eigentleche Bau vun der Jugendherberg an déi aner fir d'Subvention vum Equipement vun der Jugendherberg. No dësen Zousoen déi essentiell waren, hu mer verschidde Reuniounen gemaach, virun allem mat der Centrale des Auberges de Jeunesse, also der Jugendherbergenzentral. Well déi herno den Exploitant dovunner ginn an awer och mat anere Partner an Acteuren, zum Beispill d'Universitéit, well déi och Interêt hunn, dass do Studenten a Fuerscher kënnen doropper zréckgräifen. Zum Beispill an deenen net esou intensive Méint vun der Belebung vun der Jugendherberg, awer och mat deene Responsabale vun der Rockhal, déi och absolut Demandeur si fir kënne Raimlechkeeten do mat ze notzen.

Dunn hunn och 2010 déi éischt Negociatione mat CFL ugefaangen a mir hunn du mat hinnen zesummen décidéiert a Richtung vun engem Echange vun Terrainen ze goen. Wat och du geschitt ass. Et kann ee vlächt nach soen, dass mer vun enger Gesamtsurface vu ronn 32 Ar schwätzen. Et sinn 2 Loten op där Platz. Dat eent ass fir d'Jugendherberg, déi 120 Better kritt. An deen anere Lot ass am Besétz vun der CFL an do geet et ém d'Vergreisserung an d'Modernisierung vun der Hall des voyageurs. An do ass och fräi Fläch virgesi ronderem d'Auberge an en neie Bau vun der CFL. Dat heescht eng nei Platz déi do soll entstoen. Dat Ganzt hu mir ganz enk mat CFL ofgestëmmt, mat deene mer eng exzellent Zesummenarbecht hunn. Dat misst een och mol eng Kéier hei soen. Dat si Leit déi mat geplant hunn, déi sech mat freeën op eise Projet.

Mir hunn och émmer gesot, déi Auberge de Jeunesse ass eng urban Jugendherberg. Doduercher dass se integrale Bestanddeel vun engem ganz bedeutende Echangeur de mobilité hei am Süde vu Lëtzebuerg gëtt, mat enger exzellenter Accessibilitéit, och a Richtung Universitéitstanduert, Belval Universitéit, awer och Richtung Centre Ville mat de Commercen, wat fir eis en enormen Avantage ass.

Mir kréien och mat der Realisatioun vun dësem gesamte Projet eng nei öffentlech Platz. E sougenannten Espace de rencontre, wat natierlech dann och e positive Bäitrag ass fir eis städtesch Identitéit

weider ze verstärken. Bon, frou si mer, dass mer elo e positiven Avis kritt hu vun der Cellule d'évaluation. Et kann een och vlächt hei soen, dass dat den éische Projet ass deen elo no der neier Prozedur vun 2011 Gesetz leeft. Also dëse Projet ass scho public, well den Avis vun der Cellule d'évaluation a Publikatioun laut der neier Prozedur parallel lafen. De PAP gëtt och just eng Kéier, an duerfir definitiv am Conseil votéiert. Et gëtt also net méi déi al Formule vum 1. an 2. Vote wéi mir se émmer kannt hunn. Dowéinst ass och den Avis vun der Cellule d'évaluation elo esou, dass d'Conformitéit vum PAP zum aktuelle PAG gepréift gëtt an och d'Conformitéit zu deem neie Gesetz. Dat ass also den Exercice dee gemaach ginn ass. Mir hunn eis gefreet wou mer gelies hunn als Schäfferot, dass och si fannen, dass dat e wichtige Bäitrag zur Attraktivierung vun Esch ass an dass et och eng flott öffentlech Platz do gëtt, mat der Gare, mat der Bus-Gare, mat der Passerelle, mam direkten Accès zu eisem Centre Ville an och mat Gréngflächen, en Taxisberäich, Kiss&Ride, Mobilier urbain, wat och schonn an der Partie écrite dokumentéiert ass.

Ofschléissend kann ee vlächt dozou soen, dass dat fir eis en enorm wichtige Projet ass. Net némme fir déi Jugendlech aus dem Land an iwwert eis Grenzen eraus, awer och fir d'Zesummenarbecht mat der Universitéit a mat villen aneren Acteuren. Mir freeën eis och, dass d'Jugendherbergenzentral dee Projet hei méi wéi énnerstëtzzt. Si si begeeschert dovunner an ech wëll och soen, dass mir dat ganz positiv gesinn, dass och d'Regierung hiren Engagement bæibehält zu déser Jugendherberg. Mir sinn a schwéieren Zäiten, mir hunn en Accord fir dës Jugendherberg kënnen ze bauen. Mir hunn och gutt Chancen, dass mer 70% kënne kréie fir dës Jugendherberg, well mer ouni Problemer kënne bewisen, dass mer e Rayonnement régional, voir national et international hunn. Mir hunn d'Recommandatioun kritt vun der Madame Tourismusminister, dass mer solle préiwe wou nach Spuerpotential bei eisem Projet ass. Dat wëlle mir absolut maachen. Och mir si mat eisem Budget amgaang a wëlle bei all eise Projete kucke wou Spuerpotential ass. Dat ass souwisou eis Démarche an émsou méi grouss gëtt eis Chance, dass mer den Aval kréie vum Ministère fir déi 70% kënnen anzeschreiwen. A mir wëlle wéi gesot, nach eis Spuerbeméiungen afléisse loessen an déi definitiv Demande déi mer en vue dovunner wëllen areechen.

Also mir freeën eis, dass d'Regierung eis zur Säit steet fir dëse Projet a mir wëllen

och e gudde Partner fir si sinn, well émmerhin ass dat e Projet deen am Plan quinquennal vum Tourismus drasteet. Dat heescht en huet eng national Bedeutung och fir eist Land a mir wëllen do e gudde Partner sinn, och bei der Valorisierung vum Patrimoine touristique. An ech sinn iwwerzeugt, dass dat e ganz flotte Projet gëtt.

D'Zil war fir esou schnell wéi méiglech unzkommen. Mir wëlle probéieren, dass dat nach 2012 ka ginn, soss ass et Ufank 2013. Neelt eis elo net fest op de geneeë Mount, mir kommen heimatter un. Mir maachen elo eist Bescht fir déi prozedural Démarchen och nach hausintern ze maache ronderëm d'Ausschreibungen déi schonn entaméiert sinn a mir halen lech natierlech au courant soubal mer méi wësse fir den éische Schratt.

Den Här Zwally, den Här Hansen.“

André Zwally (CSV): „Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wollt am Numm vun der CSV lech Merci soe fir elo och d'Presentatioun. An der Vergaangenheit hu mer kloer eis Ausrichtung gesot hei, esou wéi mer eis dat och virstellen. Mir deelen Är Meenung an deem wat mer kënne maache fir eis Escher Populatioun an dorriwwer eraus och fir de Gedanke fir dat date weider ze dreiben. Mir sinn och frou, dass den CFL mat op de Wee gaangen ass fir hei gläichzäiteg, haapsächlech och um Niveau vun de Gros-oeuvres, sech mat anzbanne fir vun hinnen aus och e Projet ze presentéiere wat hir Modernisatioun ubelaangt. Mir kenne jo och de Projet dee se ageleet hunn um Niveau vun der Lëtzebuerger Gare an der Stad. Esou dass mir der Meenung sinn, dass dat doten eng gutt Saach ass, an dass et virun allem och eng Plusvalue fir eis ass am Quartier selwer.

Wat elo de Prozeduralen ubelaangt, do si mer elo ukomm bei deenen neie Formalitéiten. Mir hunn an uecht geholl, och um Niveau vun der Kommissioune, an dat ass och de Gedanken deen ech hei wollt lass ginn, dass et eng Emstellung bedeut an där doter Diskussioun. Wa mer virdrun émmer d'Méiglechkeet hate fir méi schnell drop ze reagéieren, well d'PAPen da presentéiert gi sinn an engem éischten an zweete Vote mir dotëschent da konnten eisen Avis aginn, huele mer elo an uecht, dass mer e bëssen iwwerrannt eigentlech ginn. Doduerch datt mer et net éischter kréie wéi dat wat mer soss émmer fréier gewinnt waren. Mir sinn der Meenung als CSV, dass et wichteg ass, dass mir awer kënnen eisen Avis an der Kommissioune och ofginn, an dass en och betreucht gëtt, an dass en dann och seng Repercussiounen huet op Grond

vun deenen eenzelnen Iwwerleeungen déi mir émmer mat erabruedt hinn. Duerfir nach eng Kéier hei eng Requête fir ze soen, wann et méiglech ass um Niveau vun deene PAPen déi hei an Esch gemaach ginn, bréngt se an déi zoustänneg Kommissioune an da versiche mer och eisen Avis um Niveau vun deene Kommissioune mat eran ze ginn.

Mir huelen och an uecht, dass um Niveau vun anere PAPen déi méi privater Natur sinn, déi net méi optauchen. Ech schwätzen do vun deenen déi mir fréier émmer haten, den Altena zum Beispill, um Niveau vun dem Montpellier-PAP, dass elo dee vu Lalleng zum Beispill, dee gebaut gëtt an der Portland, net méi optauchen an deenen eenzelne Kommissioune. Duerfir ass et och vun eis als CSV hei d'Demande fir ze soen, bréngt se dohinner, mir si gäre bereet iwwert dat Ganzt mat ze diskutéieren, mä an där Form wéi mir se fréier émmer kannt hinn.

Da kommen ech nach un eng Fuerderung déi mer émmer gestaltt hinn, de PAP Quartier, esou dass mer eng Kéier eng Ausrichtung hate wou mer zesumme mam Architekt op de Wee gaange ware fir ze soen, mir bräichten Iwwerleeungen aus de Quartieren, a fir ze kucke wéi mer e Quartier kënne gestalten, maache mer Quartiers-PAPen. Mir bleiwe bei där Ausso fir ze soen, dass dat nach wie vor e wichtegt Instrument ass, dass een nach émmer sollt dat date betreien, an dass ee sollt op de Wee goe fir dat date mat an déi ganz zukünfteg Iwwerleeung vun der Urbanisatioun hei zu Esch maachen.

D'Cellule d'évaluation vum Stat esou wéi se hiren Avis émmer hei virgedroen huet, ass och fir eis nei a mir gesinn och, dass Inkohärenzen dra bestinn, haapsächlech well den Iwwergang ze maachen ass zwë-schent deem Neien déi nach am alen, am neien elo gefouert ginn, respektiv déi déi am alen nach ze féiere sinn, esou dass mir vun eis aus dann nach eng Kéier d'Fro stelle fir kloer dat doten aneschters ze maachen an aneschters ze organiséieren, dass jiddwereen och deen hei am Gemengerot ass, an deen net forcément an deene Kommissioune ass, net émmer weess ém wat et geet. An an deem Sënn eis Demande da fir dat doten ze énnerstëtzen a mir wäerten dann och deem entspriedend dëse PAP mat stëmmen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Zwally. Et ass dann elo un den Hären Hansen a Weidig.“

Mike Hansen (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter, Merci, Här Zwally. Et stëmmt, et ass en enorm wichteg Inves-

tissement an d'Zukunft vun eiser Stad. Den Emplacement, sécherlech innerstädtesch an urban, och direkt un den öffentlechen Transport ugebonnen, ass eng Plusvalue fir Esch. Ech fannen och, datt am Kader vun der Uni, Rockhal an notamment wéi den Tourist Office an am Kader vun der Création récemment vum ORT dëst sécherlech eng ganz grouss Plusvalue wäert sinn.

Et freeet mech och ze héieren, datt d'Regierung an deene schwéieren Zäiten hiert Engagement bääbehält an do un der Finanzierung sech bedelegt.

Ech hinn den Avis vun der Cellule d'évaluation vum 22. Oktober geliest, deen och ganz erfreelech ass, wou se hiren Avis iwwert déi zwee Lote ginn. Ech wëll elo net an all Detail eragoen, mä awer e puer Saache gären énnersträichen. Tout d'abord, d'Cellule begréisst d'Implantatioun vun der Jugendherberg op der Gare, well et eben no beim Parc municipal Galgebierg ass an direkt domatter verbannen duerch d'Passerelle. Et ass och no un de Centre Ville gebornnen, dat elo nei Defie fir de Quartier wäert representéieren. En outre gi se och drop an, datt dëst e ganz positivt Zeechen ass fir d'Implantatioun vun de Commercen, wou se um Rez-de-chaussée an um éische Stack virgesinn à proximité du quai.

Mä d'Cellule d'évaluation werft och d'Fro op mam Keller, oubli ou volonté, an duerfir énnersträicht se och, datt eng gewësse Flexibilitéit bei der Realisatioun néideg ass. Ob elo e Keller bääkennet fir de Stockage oder net, mä mir brauchen déi Flexibilitéit wat wahrscheinlech och beim Amenagement vun der Place de la Gare, déi jo en Espace de rencontre sollt sinn, an et ass net némmen en Espace de rencontre, et ass och den Espace d'arrivée wou de Voyageur dann hei zu Esch wäert ukommen an duerfir u sech eng gewësse Porte vun Esch wäert ginn. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Hansen. Et wier dann elo um Här Weidig an duerno um Här Kox.“

Paul Weidig (LSAP): „Vläicht ganz kuerz nach eng Remarque wat do déi Prozeduren ubelaangt. Effektiv huet dat changuéiert an deem neie modifizierte Gesetz iwwert den Aménagement communal a fréier sinn et effektiv zwee Vote ginn. Éischtens do ass de PAP brut tel quel wéi en erakomm ass, ass e votéiert ginn. Duerno ass de PAP an d'Cellule, an d'Stad an den Intérieur gaangen. Mir hinn en an de Kommissioune gesinn an duerno ass e modifizierte PAP hei diskutéiert ginn an och ofgestëmmt ginn. Mä dat huet awer net misste sinn, sondern effek-

tiv hat do de Schäfferot d'Méiglechkeet fir de PAP unzepassen. Haut ass et awer e bëssen aneschters. Mir hunn nämmen ee Vote méi, mä d'Méiglechkeet besteht awer nach èmmer, dass de Schäfferot, nodeem parallel d'Avise vun der Cellule an och d'Avise vun de Kommissioune erakommen, dass mir hei effektiv dee PAP wéi en hei virläit, dass deen hei proposéiert gëtt fir dee mat Ännérungen ze votéieren. Dat ass net de Fall, sondern ass tel quel hei virgeschloe ginn, wat kann iwwerholl ginn, ouni dass elo op déi eventuell Propositioune vun der Cellule agaange gi wär. Oder och vun den Avise vun de Kommissioune. Mä den Avantage, et ass e klengen Desavantage sécher, mä den Avantage bei där ganzer Geschicht, bei der neier Prozedur ass deen, dass massiv Zäitspuerunge sinn. An ech mengen do hu se praktesch vu 6 oder 8 Méint geschwat. Fréier war dat eng Affär vun 12 Méint, elo ass et eng vu 6 Méint, also dat ass den Avantage an dat ass och d'Ursaach firwat dass se déi nei Prozedur ageféiert hunn an deem neie modifizéierte Gesetz iwwert den Aménagement communal.

Den zweete Punkt, ech wollt awer nach eng Kéier drop zeréckkommen op de Projet selwer, wat e ganz flotten an interessante Projet ass. An ech mengen et muss ee sech och bewosst sinn, dass dee Projet wierklech wat d'Accessibilitéit ubelaangt, wierklech am Zentrum vun der Mobilitéit läit. Engersäits hu mer um nationalen, um regionalen an um lokalen Niveau den Zuch deen dolaanscht kënnt, wou ee praktesch aus dem ganze Land, souguer vun international iwwert den Zuch kann déi Jugendherberg erreechen. Dann hu mer natierlech de Bus. D'Bussen aus dem ganze Süde lafen hei op der Gare zesummen, déi croiséiere sech. An dann doriwwer eraus mengen ech och e ganz flotten Aspekt ass dee vum Vélo. Vélo vu Beruff, dass d'Leit mam Vélo op d'Gare fueren, awer och doriwwer eraus muss ee sech och bewosst sinn iwwer déi nei Passerelle hu mer och d'Méiglechkeiten duerch d'Landschaftsgebiddler hei de ganze Süden, d'Vélosweeér, am ganze Süden ze befueren, wann een dat esou däerf soen an dat heescht Vélo fir de Beruff a fir d'Fräizäit.

Da leschten Endes natierlech och um lokale Punkt, zu Fouss huet een d'Méiglechkeete fir praktesch vu ganz Esch zu Fouss op d'Gare, kann ee ganz Esch erreechen an doriwwer eraus natierlech och iwwer déi nei Passerelle an dat ass eben och déi wichteg Fonctioun déi déi Passerelle huet, dass mer do och d'Méiglechkeiten hunn, mam Zuch an déi ganz Landschaftsgebiddler ze kommen an zum

Beispill déi gesamten Autopedestre déi een am Süde ka notzen a vun enger Gare zur anerer kann am Süde wanderen an do och erëm kann op den Zuch klammen. Wat e ganz groussen Avantage huet. An doriwwer eraus, mengen ech, wat menges Erachtens net onwichteg ass, ass, dass déi nei Jugendherberg wierklech erëm en Zeeche setzt vun der zentraler Bedeutung vun eiser Stad hei am Süden, mä och am Land an doriwwer eraus och e ganz wichtige Maillon ass bei der Entwicklung vun eiser Uni, obschonn dat natierlech èmmer erëm hei zur Diskussion kënnt, mä ech mengen et ass awer ganz wichteg, dass mer eis däers bewosst sinn. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Weidig. Den Här Kox wann ech gelift.“

Martin Kox (DÉI GRÉNG): „Merci, Madame Buergermeeschter, mir och als Déi Gréng begréissen dése Projet an ech stëmmen derfir, fir dass mat den Aarbechte méiglechst schnell och elo ugefaange ka ginn. Domat kritt, et ass scho vill gesot ginn oder alles, domat kritt d'Stad Esch eng Jugendherberg mat neiem Konzept vun urbanem Charakter deen hei am Land ass a gläichzäiteg eise Stadkär mat opwäert. Optimal ugebonnen un Zuch a Bus, ass grad gesot gi vum Här Weidig, wäert déi Auberge am Hiblëck vun der Rentrée vun der Uni dann och rechzäiteg Wierklechkeet ginn. Am Projet ass gläichzäiteg d'Vergréisserung an d'Moderniséierung vun der Escher Gare dobäi, wat jo och eng Plus-value fir Esch duerstellt. Ech géif awer och hei nach eng Kéier op deen Avis vun der staatlecher Cellule d'Evaluatioun agoen, wou ausser kleng technesch Korrekturen ze maache sinn, géif ech awer proposéieren, dass deen een oder anere Punkt, deen hei virgeschloe ginn ass, vläicht dach nach an déi zoustänneg Kommissioune eraknént an diskutéiert gëtt an eventuell nach dozou Rechnung gedroe ka ginn. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Kox. Bon, also fir d'éischt freet sech de Schäfferot mol, dass dee positiven Aval dee mer vu jiddwerengem kritt haten zénter dass mer hei am Gemengerot iwwert de Projet Escher Jugendherberg geschwat hunn, dass deen erhale bleift. Dat ass ganz wichteg, well an dése schwieregen Zäiten ass et gutt wann ee gemeinsam asteet fir e Projet deen Esch no vir bréngt an deen eis en valeur setzt. Bei deene Jonke fir nei

Populationen, deen eis och e Rayonne-ment international gëtt, dee mer och duerch d'Universitéit kréien. Also mir freeën eis doriwwer a soen och jiddwer-engem Merci dofir.

Och fir eis ass dat eng Èmstellung, déi nei Prozedur do. Do musse mer eis och mol dorunner gewinnen. Et ass eng Èmstellung fir de Schäfferot, et ass eng Èmstellung fir eis Servicer. Et ass eng Èmstellung fir de Gemengerot an och fir eis Kommissioune. Wann een elo reng dat en bonne et due forme kuckt, de Bauteschäffen an ech haten dat elo net verstanen, well mir hunn en normalen Avis vun der Commission du développement urbain de l'expansion économique de la coopération transfrontalière et du bâtiment, PAP op der Goar vum 13. November mat enger Rei vu Remarquen déi énner anerem och vun lech a vum Här Kox opgegraff ginn, mat engem positiven Avis. Dofir hate mir kee schlecht Gewëssen a mir hunn och net gemengt mir hätten iwwerrumpelt, mä mir huuelen awer all Suggestiounen op. Mir huuelen all Suggestiounen op a mir wëllen et och gutt maachen. Mir hu jo näischte ze gewanne wa mir do Informatiounen zeréckhalen oder Diskussioune net zouloossen, mir wëllen dat gutt maachen a wann een dat herno ka praktesch kläre wéi mer wat kënnen aneschters a besser maachen, dann hutt Dir am Schäfferot de beschten Alliéierten. Mir ruffen d'Kommissioune jo net an, déi si jo autonom fir sech selwer ze saiséieren, déi mussen dat scho selwer maachen, mä mir kucken dann, dass d'Kommunikatioun, wann dat an Ären Ae kann aneschters oder besser sinn, verbessert ka ginn, fir dass zu engem fréistméiglechen Zäitpunkt d'Kommissioune kënnen agebonne ginn. Do hu mir ganz vill Interêt dorunner an dat si mir bereet ze maachen. Da wëll ech awer och dovunner profitiéieren, wann och Kommissioune dorunner interesséiert sinn, fir vläicht och elo dee Projet hei mat ze begleeden an nozebereeden, da kënnt Dir och mat maache bei där Fro wou Spuerpotential ass, da sinn och do Méiglechkeiten dobäi. Och do ass all Héllef wëllkomm an iwwregens net just bei deem dote Projet, well de Schäfferot huet gemierkt, well en elo ganz intensiv sech beschäftegt mam Budget, dass an eisen Aen a ganz ville Beräicher wou mer an der Vergaangenheit eis keng Froen hu misste stellen, well et awer iergendwei opgaangen ass, sinn awer Froen ze stelle wou mer vläicht och um bauliche Plang kënnen erëm e bësse méi op den Teppech kommen. Also dat ass fir eis eng gutt Saach a mir énnerstëtzten do all Suggestiounen déi kommen, och vun

eise Kommissiouen. Dat gesot, wollt ech nach eng Kéier Merci soe fir dee positiven Input deen hei komm ass, a fir de Rescht si mir d'accord fir all Zesummenarbecht mat de Kommissiouen nach méi intensiv an der Zukunft ze gestalten. Mir kéimen dann zur Ofstëmmung vun désem PAP."

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal accepte à l'unanimité d'adopter le projet d'aménagement particulier «Op der Goar».

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Den Här Knaff ass elo iwwerrumpelt ginn. Huet hie matgestëmmt? Ah, dat éiert lech Här Knaff.“

8. Convention de préfinancement avec la société SUDCAL SA concernant le raccordement du réseau de chauffage urbain du quartier Nonnewisen à la centrale Twinerg; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Gutt, dat erlaabt eis direkt mat Punkt 8 virunzefueren, dat ass d'Convention de préfinancement mat der Société SUDCAL an do géing ech d'Wuert un de Ressortschäffen, den Här Huss ginn.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Et geet also ém eng Convention de préfinancement téschent der Gemeng Esch a SUDCAL. Wourémmer geet et méi prázis a méi konkret? Dir wésst, datt mer émmer schonn zénter längerer Zäit interesséiert waren – an do hate mer och émmer hei d'Unanimitéit heibannen – fir de Quartier Nonnewisen un de Réseau de chauffage urbain, deen duerch d'Twinerg méiglech ass, ze reliéieren. An an deem Kontext ass et esou, datt d'Aarbechten, déi do gemaach ginn, déi lafen duerch d'Élerenger Strooss. Mä wéi déi Aarbechten ugefaangen hunn, ass festgestallt ginn, datt do, wou de Gruef gemaach ginn ass, datt do nach en Ofwaasserkanal, e Kanal fir Ofwásser verleeft, deen awer schonn e ganz alen ass, an dunn ass

da festgestallt ginn, wann déi Aarbechten do gemaach ginn, datt de Risiko géif bestoeten, datt dee Kanal entweder ganz séier kéint beschiedegt ginn, oder datt e souguer géif riskiéieren, well en ural ass, anzefalen. Fir dann net mussen zwee mol erém unzefänken, eng Kéier elo de Raccordement ze leeën an ze riskiéieren, datt awer dann herno e Problem do entsteet, ass do vun den Techniker gesot ginn, da wier et besser, wann een an engems do dee Schmotzwaasserkanal géif erém an d'Rei setzen. Dofir ass an deem Accord hei festgeluecht, datt SUDCAL bereet ass, de Prefinanzement vun deenen Aarbechten ze maachen, an datt mir eben am Kader vum Budget fir 2013 virgesinn, fir dann de Remboursement ze maachen. Et handelt sech ém eng Zomm vu ronn 86.000 €, a wéi gesot, et ass sënnvoll, dat ze maachen, net datt mer herno béiss Iwwerraschunge bei deem Ofwaasserkanal kréien. Et ass besser, en elo erém an d'Rei ze setzen, an dofir dee Montage hei vun deem Prefinanzement iwwer SUDCAL, deen iwwert eise Budget da SUDCAL herno rembourséiert gëtt.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – M. Jean Huss – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention de préfinancement précitée entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et la société SUDCAL s.a..

9. Convention de coopération en vue de la création d'un contrat de rivière du bassin supérieur de l'Alzette: désignation d'un représentant pour le comité de pilotage et de 2 membres pour le comité technique; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Sou, Dir hutt elo gesinn, dass den Här Huss bei Punkt 9 fortgelaf ass. Dat heesch net, dass dat hien net intereséiert als Émweltschäffe wat mer hei maachen, mä et huet ganz einfach domatter ze dinn, dass mer op Grond vun der Deliberatioun déi mer konnten huelen duerch e Vote am Gemengerot vum 5. Oktober, wou mer eng Convention de coopération

validéiert hunn téscht de Gemengen Esch, Schéffleng, Suessem, Beetebuerg a Réiser fir d'Kreatioun vun engem Contrat de rivière du bassin supérieur de l'Alzette. Dir kënnt lech erënneren, dat war eise Lieblingsprojet. Ech ka mech och énner anerem erënneren, dass den Här Knaff sech ganz staark dofir interesséiert hat. Mä haut geet et just drëm fir ee Représentant fir de Comité de pilotage ze désigner, an dat ass eben den Här Huss. An zwee Membere fir de Comité technique, oder besser gesot ee Membre effectif an ee Membre suppléant, an do proposéiere mir den Här Jean Wagner als Membre effectif an den Här André Puli als Membre suppléant an ech wollt lech froen ob Dir d'accord sidd fir déi Hären an dee Gremium eran ze votéieren? Dat kënne mer mat engem geheime Vote maachen. Global déi dräi, wann Dir d'accord sidd. Dat ass dann Huss, Wagner, Pulli a Oui, dann ass et déi dräi.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal procède par vote secret et décide à l'unanimité de désigner les personnes suivantes: André PULLI (membre suppléant pour le comité technique), Jean WAGNER (membre effectif pour le comité technique), Jean HUSS (représentant pour le comité de pilotage).

10. Convention relative aux aides à la construction d'ensembles; décision

Dëse Punkt ass verluet ginn.

11. Modification budgétaire; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Vu dass mer de Punkt 10 erofgeholl hate well do nach eng Rei vu Froen ze kläre si ronderém d'Subside fir eis Nonnewise Schoul, kéime mer direkt zum Punkt 11, Modification budgétaire an hei geet et ganz einfach drëm, dass mer am Artikel ronderém den Entretien général vun der Voirie a vun de Plazen eng Augmentation maache vun engem bestoende Kredit ém 10.000 €. Dat gëtt dann en neien

Artikel an dat erlaabt eis fir den Amenagement vun engem Sockel ze maache fir eng Skulptur déi eis vun Arcelor Mittal geschenkt gëtt."

Verschidde Stëmmen: "Ouuh!"

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „A wann Dir do méi Informatiounen dorriwwer braucht, dat geet béiss an den Departement vun der Konscht a vun der Kultur eriwwer an do misst dann eise Ressortschäff Zousazinformatioune ginn, wat hien eventuell bereet ass direkt ze maachen.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Et ass eng ganz grouss Skulptur déi mer geschenkt kréien, ech weess net firwat, vun engem belschen Artist deen heeschte Johan Bodart. Eiert déi Skulptur opgeriicht gëtt, huet hien e Vernissage am Pavillon op den Nonnewisen. Deen ass e Freiden aacht Deeg. Dir sidd all häerzlech invitéeert, do kënnt Dir da seng Saache bewonneren. Et sinn effektiv ganz schéi Saachen an d'Skulptur ass och ganz schéin. Ech hunn elo keng Foto hei, well ech net wosst, dass dorriwwer géif esou interesséiert gefrot ginn.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Jo, also et ass Begeeschterung do well et eben dee Schenkungsakt ass a wann dat esou weider geet mat deene villen Terrainen déi mer do nach kënne geschenkt kréien, dann ass déi Tendenz déi richteg. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal décide à l'unanimité de modifier le budget ordinaire de l'exercice 2012.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Mir hunn elo e Vote vu 15x Oui fir déi Hären Huss, Wagner a Pulli.“

12 Fixation du taux d'impôt foncier pour l'exercice 2013; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Mir kéimen dann zum Impôt foncier.

Mir wëssen all, dass dee renovierungsbedürfteg ass oder wéi nennt een dat, allerdéngs hate mer eis heibannen d'Wuert ginn, dass mer dat eréischt kënnen a wëlle maache wa mer och eist Taxereglement erëm hinn, wat mer hei viru 5 Méint gestëmmt hu fir d'Taxéierung énnner anerem vun eidelstoendem Wunnraum an net bebautem Terrain. Mir si gudder Hoffnung, dass mer dat a kierzesster Zäit genehmegt kréien. Mir waren a Kontakt mam Minister, mä de Fin mot ass awer deen, dass mer op den Dag vun haut et nach net hinn. Esou, dass soubal mer dat hinn, mer och kënnten Diskussiounen entaméieren, vläicht och an der zoustänneger Finanzkommissioun, ronderém den Impôt foncier. Mä en attenant proposéiere mer den Impôt foncier op deem Niveau ze hale wéi en och am Virjoer war.
Den Här Baum.“

Marc Baum (DÉI LÉNK): „Madame Buergermeeschter, ech verstinn natierlech Är Argumentatioun, mä eis Argumentatioun bleibt nach émmer déi selwecht, datt e gudde Schoss Volontarismus vun der Gemeng och an deem heiten Dossier gefrot wier, wuelwéssend datt et zwou Säite ginn, nämlech déi vun der Base d'assiette déi ridicule kleng ass an déi vum Stat definéiert gëtt an datt dat eng national Aufgab ass. Op däer anerer Säit menge mir eben, datt d'Gemenge selwer och do kéint a sollden aktiv ginn an duerfir plädéiere mer dofir fir en an d'Luucht ze setzen a vu datt dat net de Fall ass, wäerde mer en net stëmmen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Jo, den Här Bernard, wann ech gelift.“

Zénon Bernard (KPL): „Jo, Madame Buergermeeschter, Merci. Ech géif dat hei soen, contrairement zu deem wat den Här Baum do mengt, dass een do muss nuancéieren. Muss een nuancéieren téscht deene ganz klengen Appartements- oder Haiserbesëtzer an deene grousse Proprietairen. Ech menge wann een higeet an Zukunft an et seet een, dass den Taux muss gehéicht ginn, da muss een en natierlech do héije wou d'Leit d'Suen hinn. Net bei klenge Proprietairen. Deen Taux soll bleiwen an ech mengen, dass ee soll an d'Richtung goe fir déi grouss Besëtzer vun Terrainen, respektiv vu Wunnengen, do den Taux ze héijen. Do d'Suen ze huele wou se sinn an net bei deene Leit déi schonn an der Zweckmillche sti finanziell. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Bernard. Bon, mir respektiéie-

ren déi dote Meenung, déi Dir och a fréieren Débate schonn hei artikuléiert hinn. Mir hinn och eis Meenung iwwert den Impôt foncier als Schäfferot. Mir haten awer hei d'Ausso gemaach, dass mer als reglementaresch Basis gären en approuvéiert Taxereglement hätten, wat eis och dann eise Champ d'application méi präzis definéiert a mir verspriechen hei, dass mer déi Diskussiounen entaméieren. Et wier net déi éischte Kéier, dass d'Stad Esch géing Neiland betrieden a Modellcharakter fir aner Gemenge mat iwwerhueelen. Mir scheien dat och net, mä mir wëllen awer trotzdem ofwaarden, dass mer den Aval vum Ministère de l'Intérieur fir eist Taxereglement kréien. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal décide à l'unanimité la fixation des taux communaux à appliquer pour l'année d'imposition 2013 en matière d'impôt foncier.

13. Questions de personnel; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Sou, da kommt mer huelen de Punkt 13, Questions de personnel, den Här Huss.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Jo, deen éischte Posten, wat d'Kreatioun ubelaangt, ass e Posten als Agent municipal. Dir wësst, datt den Här Burg Romain an d'Pensioun geet. Den Här Burg Romain war affektéiert beim Service des sports, a mer hunn also déi Plaz do nei ze besetze gehat. Et ass esou, datt mer dat gemaach hinn iwwer e Recrutement interne. An zwar huet dee Recrutement interne sech adresséiert un d'Carrière inférieure administrative et technique, expéditionnaires, artisans an esou virun oder en Employé communal aus der Carrière C a B1. Déi Nominatioun ass duerch de Schäfferot an der Tëschenzäit gemaach ginn, nodeem déi Création de poste zur Diskussioun stoung. Et ass esou, datt en Avis positif do ass vun der zoustänneger Kommissioun. Ausser datt

d'Delegatioun an där Kommissioune gesot huet, datt si virdru gär gefrot gi wieren iwwert d'Affektioun a wat fir ee Service. An déi Diskussioun hate mer am Schäfferot. Natierlech war dat keng einfach Geschicht. Ech wéll vlächt kuerz rappeléieren, datt ganz fréier deen dote Posten affektéiert war an de Biens communaux. An duerno mam Här Burg war en affektéiert am Service des sports, a mir hunn eis am Schäfferot Gedanken driwwer gemaach iwwert eng nei Affektioun, a wat fir ee Service dat soll goen. Mir hunn awer geduecht, datt d'Organisation vun deem Posten, wou et jo haaptsächlich awer ém d'Kermesse geet, ém d'Foiren, ém de Maart an ém alleguerden déi dote Froen, datt dat méi logesch wier beim Service économique. An duerfir hu mer décidieert, dése Posten ze affektéiere beim Développement économique, relations internationales et tourisme. Ech géif lech also bidden, dëser Création de poste zouzestëmmen.

Här Zwally."

André Zwally (CSV): „Merci. Ech wollt am Numm vun der CSV soen, och déi Diskussioun déi mer an der zoustänneger Kommissioune haten, dass et fir eis op jiddé Fall wichteg wier, dass mer, wa mer Créations de postes maachen um Niveau vun engem Secteur oder um Niveau vun do wou mer gären eng nei Kreatioun hätten, datt e fonctionnelles Organigramm misst dobäi geluecht ginn. Et ass wichteg, dass een d'Ausrichtung kennt vum Service selwer, dass een och weess wéi den Opbau domatter ass a wat fir eng Fonction dass dohinner kent, respektiv wat fir eng dass mutéiert op en anere Secteur. Ech mengen dat ass eis Uleies gewiescht, well mer awer mierken, dass wann esou Diskussiounen kommen, et émmer erém schwierig ass sech ze orientéiere wa kee fonctionnelles Organigramm dobäi ass. Dat wollte mer just hei soen.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Ech géif dann op dem Här Zwally seng Intervention wëllen äntweren. Ech ginn him ganz Recht doranner, datt deen Organigramm ganz wichteg ass. Ech menge mir hate virun der Summervakanz an enger Conseilssitzung, net némme vun lech, mä och vun aner Conseiller d'Demande formuléiert kritt, datt mer esou schnell wéi méiglech sollen deen Organigramm mat der Beschreibung vum Ist-Zustand, wéi elo déi eenzel Fonctionen agedeelekt sinn, datt mer dat méiglechst séier solle kréien. Ech hat lech versprach, datt mer dat géife kucken am spéiden Hierscht ze maachen, et fäerdege ze bréngt bis an de spéiden Hierscht. Et muss ee vlächt wés-

sen, datt dee leschten Organigramm complet datéiert huet vun 1977, an elo kentt also en neien Organigramm, dee mer elo wäerte presentéieren, an ech kann lech soen, datt mer ganz wäit fortgeschrott sinn an deem Organigramm, datt d'Delegatioun amgaangen ass, dat, wat bis elo ausgeschafft ginn ass ze kucken, sech eng Meenung driwwer ze maachen an ech ka mer ganz gutt virstellen, well ech gesot hunn am Hierscht, also den Hierscht fänkt un den 21. September un en dauert am Prinzip bis den 21. Dezember, dann eréischt geet de Wanter un. Ech ka mer also virstellen, datt déi Aarbecht effektiv dann am spéiden Hierscht ofgeschloss ass an datt mer do ronderém, entweder kuerz virdrun oder Ufank Januar, datt mer dann deen Organigramm, nom Avis och vun Delegatiounen, lech wäerte kenne presentéieren, esou datt et dann e knapp Joer gedauert huet fir deen opzestelle par rapport zu deem Organigramm vun 1977, wat gedauert huet bis 2012, ier en neien zustane komm ass. Mä dofir soen ech eise Servicer Merci, deene Servicer, déi do zoustänneg sinn. Och den Delegatiounen fir déi konstruktiv Diskussiounsbéträg, déi se geliwwert hunn. Mä all menge Servicer soen ech Merci, et wäert um Enn vun dësem Joer deen Organigramm virleien, da kritt Dir e presentéiert. Elo komme mer nach zum zweete Punkt bei de Questions de personnel. Do geet et ém d'Création du poste "concierge" an eiser Waldschoul, an ech mengen et ass ganz kloer, déi Waldschoul spilt fir eis eng ganz wichteg Roll fir eis Kanner. Déi Waldschoul huet émmer méi eng grouss Envergure ugeholl an deene vergaangene Joeren an et ass ganz kloer, datt et wichteg ass, datt dee ganze Site vun der Waldschoul, datt deen op eng sérieux Aart a Weis gemanagt gétt, surveilléiert a kontrolléiert an organiséiert gétt. An dofir hei déi Création de poste fir also e Concierge do an d'Waldschoul eranzebréngen. Wat ass bis elo d'Situatioun gewiescht? Am Moment hu mer halfe praktesch schonn e Mann do gehat, dee sech do ém déi Problematik vun der Waldschoul gekemmert huet. Dee war awer och nach affektéiert an den Atelieren. Hei ass also d'Schafung vun engem komplette Posten, a mir hunn doríwwer mat der Delegatioun geschwat. Well dee Mann, dee sech halfe daags sech souwisou schonn dorémmer gekemmert huet, och do eng Wunneng huet, och do wunnt sur place, an dofir hate mer mat der Delegatioun geschwat ob se d'accord wieren, datt do net misst eng Ausschreiwung gemaach ginn, well dee Mann souwisou

do scho wunnt a sech schonn halfe daags dorémmer gekemmert hat. D'Delegatioun war domatter d'accord an duerfir si mer op de Wee gaangen elo déi Création de poste hei anzesetze mam Här Robinet, deen also schonn halfe daags souwisou do geschafft huet, deen also elo e ganze Posten als Concierge kritt.“

Pierre-Marc Knaff (DP): (kee Mikro un)

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Nee, ech si bei Punkt 2.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Mir kënne se vlächt regroupéieren an dann herno, wann Dir d'accord sidd a wa kee Vote séparé gefrot ass, kënne mer se herno regroupéiert ofstëmmen.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Da gi mer dann direkt zum drëtte Punkt iwwer, nämlech d'Kreatioun vun engem Poste d'attaché administratif deen, wann Dir kuckt, wat seng Qualifikatioun muss sinn, datt deen also muss Studie gemaach hunn, universitär Studie gemaach hunn a Questions juridiques. Zousätzlech zum Diplom vun auslännischen Universitéiten am Droit muss hien awer och nach hei zousätzlech eng Formation complémentaire en droit luxembourgeois hunn, well hien natierlech och de Lëtzebuerger Droit muss kennen. Dat maache mer hei en vue vun der Nominatioun vun engem Secrétaire général hei an der Gemeng, fir dee Posten dann ze schafe fir d'juristesches Froen, fir verstärkt dobäi ze sinn, fir juristesches Froen ze klären, woubäi mer an der Situations sinn, datt, wann de Poste vum Secrétaire général hei crééiert gétt, datt dann erém eng Kéier ee vun deene Posten d'attachés administratifs erém herno wäert suppriméiert ginn.

Mer sinn do an der Situations, datt mer a Gesprächer si mam Ministère de l'Intérieur fir dee Poste vum Secrétaire général können ze kréien, fir deen accordéiert ze kréien an et ass awer esou, datt mer elo scho wëllen higoen an déi Kreatioun vun deem Attaché administratif jurist wëllen hei virhuelen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Si Commentaires oder Froen ze maachen oder kënne mer direkt ofstëmmen? Här Knaff.“

Pierre-Marc Knaff (DP): „Jo, Madame Buergermeeschter. Ech ka mech net esou direkt elo mat der Idee ufrénnen, datt mer erém esou maache wéi mer et eng Zäit laang gemaach hunn, nämlech déi Créations de postes tous azimuts déi mer hei an der Gemeng gemaach hunn. Elo

gesinn ech gi mer erëm an déi Direktioune fir awer erëm esou vill Posten ze crééieren. An enger Zäit wou mer jo awer wierklech net ganz gutt finanziell do stinn, an ech froe mech, ob et net mol un der Zäit wär, datt mer mol erëm géifen eist ganz Personal also op de Leesch huelen, datt mer erëm eng Kéier géife gewise kréie wéi den Organigramm ass. Well mer kënne jo awer net esou weiderfueren an émmer erëm, émmer erëm, émmer erëm Leit astellen. Ech menge mir sinn elo schonn iwwer 1.000 oder..."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Et gi keng méi agestallt, Här Knaff.“

Pierre-Marc Knaff (DP): „Jo, et gëtt kee méi agestallt, mir maachen awer dräi nei Poste crééiere mer?“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Nee, et si Postes existants. Sinn allen dräi Postes existants.“

Pierre-Marc Knaff (DP): „Firwat steet dann an der Explikatioun déi Dir gitt, au moment de la nomination d'un secrétaire général un des postes d'attaché sera supprimé ...“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Mä et war e Gemengesekretär do an et war e Jurist do. An am Moment ass némmen e Gemengesekretär do deen déi zwou Saache mécht. Also ass de juristesche Posten op. Mir waarden awer drop, dass den aktuelle Gemengesekretär kann en Upgrading kréien als Sécrétaire général.“

Pierre-Marc Knaff (DP): „D'accord, ech mengen, datt et awer vlächt esou war, wann ech da meng Ausféierungen, datt mer justement wéi mer geschwatt hunn, wéi mer dee Jurist agestallt hunn, dat awer an der Optik datt dat géif eise Sécrétaire ginn, eise Sécrétaire vun der Ville an datt mer am Fong wollten déi Posten dofir kombinéieren. Elo schéngt et mer jo awer esou wéi wann dann awer nach ee báikennt, well mir hate jo net fir näisch dës Kéier e Jurist als Sécrétaire geholl. Justement fir datt e sech och kéint ém déi Kontrakter an déi Saache këmmernen, well hien do ebe weess vu wat hie schwätz. Elo crééiere mer awer do e Posten dobäi, well esou wéi mer deemoools driwwer geschwatt hu wéi e Profil misst deen neie Sécrétaire hunn, do wollte mer e Jurist, awer aus deem Grond. Elo gesinn ech datt mer awer dann nach en Affekot oder e Jurist wëllen nach do derbäi astellen. Ech menge mir musse kucken datt mer eis Personalkäschten iergendwéi

awer erëm méi an de Gréff kréien an duerfir géing ech bieden, datt wéi mer et scho gemaach hunn, datt Dir eis nach eng Kéier, fir déi nächst Sitzung oder esou, den Organigramm weist a wéi eng Direktioune datt dat dote geet. Dir sot dat si Posten déi bestinn, ech gesinn awer datt Dir se Création de poste nnent. Dir sot Création d'un poste de fonctionnaire bei der Relation internationale, Création d'un poste de concierge, Création d'un poste d'attaché administratif. Da kénnt Dir mir awer och elo schlecht soen, et géif se ginn, well da bräichte mer se net ze crééieren.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Ech wollt froen ob nach Wuertmeldungen do sinn, fir dass mer net elo en Dialog kréien. Den Här Zwally.“

André Zwally (CSV): „Jo. Ech mengen ech kommen op dat zréck wat ech virdru gesot hu wéi wichteg dass et awer elo erschéngt, dass een esou fonctionnelles Organigramm huet, wat déi sämtlech Servicer ubelaangt an och an hierer Evolution.“

Dat wat den Här Knaff gesot huet, dat stëmmt. Am Senn vun deem wat d'Ausrichtung war, ass kloer gesot ginn, mir brauchen och iergendeene deen eis kann énnerstëtze wann et ém juristesche Froe geet. Domatter verbonne ware mer nach méi wäit gaangen, an dat wollt ech och hei soen, dass d'CSV och deemoools schonn de Gedanke gemaach huet, dass esou e moderne Betrib wéi deen dee mir jo eigentlech sinn, ee misst sech och eng Kéier domatter ofgi fir eng Cellule juridique ze maachen a sech doranner dann d'Fro stellt, ob dat eleng duergeet mat engem deen am Fong geholl zweegleiseg muss fueren. Engersäits, dee ganzen Deel vum Sekretariat maachen an anerwärts da seng Avises juridiques ze maachen. A well ech aus der Privatindustrie kommen, weess ech wat ech do soen. Dat heesch, do gëtt et a sech Leit déi u sech an engem Secteur juridique schaffen oder enger Cellule juridique, déi sech exklusiv mat esou Saache befaassen, mat allegueren deenen Avisen déi een da brauch fir kënne virun ze goen an och anstänneg ze schaffen. Ech mengen dat wat hei gesot ginn ass, ass richteg an et misst een eng Kéier an der Kommissioun doriwwer diskutéieren op een net soll op de Wee goe fir dat doten esou ze cadréieren, dass jiddwereen domatter eens gëtt an dass och iwwert déi dote Gedanke vun enger Cellule juridique domatter verbonne mat deenen eenzelne Fonctiounen a mat deem wat de Ménsch do ze maachen huet, soll goen. Dass et elo hei keng

zousätzlech Création de poste ass, well se herno suppriméiert gëtt, jo, dat ass effektiv kloer. Well e Secrétaire deen ass an enger Fonctioun dran, déi mer zwar deemoools gesot hunn, da gëtt e Jurist. An elo zousätzlech nach e Jurist dee mer da wëllen eranhuelen. Da si mer jo an der Diskussioun vun enger Cellule juridique déi een da ka maachen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Merci, Här Zwally. Sinn nach weider Wuertmeldungen do? Soss äntwert de Personalschäffen doropper.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Jo. Ech mengen zum leschte Punkt bräicht ech am Fong net méi bázefügen, den Här Zwally huet dat, ech kéint déi selwecht Wieder gebrauchen, déi den Här Zwally hei gesot huet. Hei geet et jo effektiv wierklech drëm, an dat ass vlächt och en Hannergrond do dervun, deen ech virdru vergiess hat ze erwähnen, datt mir interesséiert sinn, als Stad, déi am wuessen ass, an dem nächste Joeren nach weider wäert wuessen, ähnlech wéi d'Stad Lëtzembourg och kënnen d'Fonctioun vun engem Secrétaire général ze kréien, deen d'ganz Koordinatioun huet vun deem wat an der Gemeng passéiert. Dat ass déi eng Saach.“

Déi zweet Saach ass awer déi, datt mer awer émmer méi juristesche Affairë kréien an datt mer awer d'Hëlfel och vun engem zousätzleche Jurist brauchen. Wann déi Situations esou evoluéiert, wéi se och den Här Zwally hei gesot huet, da gëtt herno erëm ee vun deene Posten ofgeschaft. Bon, elo déi aner Saach, déi den Här Knaff hei gesot huet bei der Création de poste beim éische Punkt. Do gëtt keng nei Création de poste gemaach, well jo den Här Burg hat dee Posten, dee gëtt just an en anere Service affektéiert. Also ass do keng nei Création de poste! A beim Service de l'enseignement, bei der Waldschoul, ass och am Fong keng richtig nei Création de poste, well den Här Robinet dee war hallefaags schonn do, an hie war zur Halschent affektéiert an d'Travaux. Hie gëtt elo just ganz Concierge gemaach op där doter Plaz. Et ass also net esou wéi den Här Knaff dat seet, an ech géif mengen, datt no deenen Explikatiounen an denen den Här Zwally dat och richteg nach eng Kéier énnerstrach huet, géif ech mengen, datt een awer elo kéint zum Vote iwwergoen. Hei gëtt keng nei, keng total nei Création de poste gemaach.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Sou, kënne mer déi dräi regroupéiert

votéieren oder ass e Vote séparé gewünscht? Zesummen. Au vote."

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal accepte à l'unanimité les questions de personnel.

14. Transactions immobilières; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Mir kéimen da bei Transactions immobilières. Dat sinn der véier. Dat éischt ass en Acte d'échange téscht der Gemeng an dem Stat wou et am Fong drëm geet fir op däer enger Säit Parzellen ze hu fir den nouveau tribunal de paix. Do huet e klenge Wutz gefeelt, deen an eisem Besëtz war an zum anere wat eis gefeelt huet fir d'Ecole fondamentale Nonnewisen. Et geet u bei Parzelle vun eiser Säit aus, vu Lankelz a vun däer anerer Säit aus vu Marie Curie an Helen Buchholtz. Dee ganzen Echange ass natierlech am But d'utilité publique fir eben déi zwee Projete vun der Justice de Paix a vun der Nonnewise Schoul ze supportéieren.

Dat zweet ass en Acte d'acquisition téscht der Stad Esch an Eco-Invest. Hei geet et ém e ganz klengt Areal vu 66 ca. Och deen Acte ass do am Interêt publique an zwar fir Infrastrukture virzehuele fir de Réseau électrique. Dat mécht sech à titre gratuit. Et ass also kee finanziellen Echange.

Den drëtten dat ass e Contrat de bail. Do gëtt e bestoende Contrat de bail dee mer zénter 2003 haten, dee gëtt duerch en neie Contrat de bail remplacéiert téscht der Stad Esch a Sermelux Metalservice s.a.. Deen hätt dann, wa mer den Aval ginn, retroaktiv eng Validitéit fir 6 Joer. Et gëtt ém eng Surface de stockage fir Poubellé vum Service hygiène ze stockéieren. Den neie Kontrakt ass och manner, also do brauche mer manner ze bezuele wéi bei deem viregen, esou dass et an eisem Interêt ass.

An dann de Plan de coupe et de culture. Ech mengen dat ass eise Forstschäffen, mä dee seet et wier esou, an da wier et esou. Gutt. Also de Plan de coupe deen ass esou wéi Dir en hei gesitt an et ass

kee Profitgeschäft. Dat gesitt Dir och. Sou, wann Dir wëllt, kënne mer och déi véier Transactions immobilières regroupéiert votéieren. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal par 14 voix oui et 2 abstentions avise favorablement l'acceptation du legs en faveur de la fabrique d'église St Joseph d'Esch-sur-Alzette.

Le Conseil Communal accepte à l'unanimité les transactions immobilières.

Conseillers présents:

M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Jean Huss – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal par 14 voix oui et 2 abstentions avise favorablement l'acceptation du legs en faveur de la fabrique d'église St Joseph d'Esch-sur-Alzette.

Ont voté oui Madame le Bourgmestre Mutsch, les échevins Huss, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Bofferding, Codello, Goetz, Hildgen, Knaff, Kox, Maroldt, Weidig, Wohlfarth et Zwally. Les conseillers Bernard et Hansen se sont abstenus.

15. Legs en faveur de l'église St Joseph; avis

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Dann hu mer de Punkt 15, do musse mer eisen Aval ginn, well mir do d'Authorisation dofir hu fir eng lerfschaft déi un d'Paroisse St Joseph vun enger Privatperson, wat déi och en bonne et due forme an hirem Testament esou virgesinn huet. An d'Gesetz gesäit vir, dass eng Gemeng muss hiren Aval gi fir dass dat en bonne et due forme kann iwvergoen.
Madame Bofferding.“

